N°338
Entrée le 15.02.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 15.02.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/02/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau weiderzeleeden.**

Hei am Land kritt een op verschiddene Plazen Homarden an anerer Krustendéiere als lieweg lesswuer ze kafen. Homarden si schmerzempfindlech Déieren, déi virun allem Hëtzt net verdroen. Trotzdeem ginn hinnen aktuell nach ëmmer d'Schéieren zesummegebonnen a si gi bei der Zoubereedung lieweg a kachend Waasser gehäit. An der Äntwert op meng Fro n°6110 huet den deemolege Minsiter gesot:

> "Homarde falen net ënnert d'Déiereschutzgesetz. Homarde sinn ugesinn als Fëschprodukter, déi am liewegen Zoustand konservéiert ginn".

An der selwechter parlamentarescher Fro, ob de Verkaf vu liewegen Déieren zu Lëtzebuerg wäert legal bleiwen huet de Minister dëst geäntwert:

> "De Verkaf vu liewegen Homarden als Liewesmëttel ass legal soulaang et keng Gesetzgebung gëtt, déi dat verbitt."

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Ass d'Ministesch der Meenung, dass d'Gesetz misst geännert ginn, sou dass Hommarden, Austeren a Muschelen ënnert d'Déierschutzgesetz falen an domat net méi lieweg dierfe verkaft ginn?
    - Wa jo, sinn hei schonn Aarbechten envisagéiert, fir d'Gesetz entspriechend unzepassen?
    - Wa nee, firwat soll et hei net zu enger Gesetzesännerung kommen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten